PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/03/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit & Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.

An der Äntwert op parlamentaresch Fro n°5766 zum Wunnprojet am Zentrum vu Péiteng huet de Logementsminister geschriwwen, dass aktuell iwwerluecht gëtt, fir d'Eisebunnsënnerféierung duerch e méi groussen Ouvrage z'ersetzen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann de Minister Informatiounen dozou ginn, wéi dës Ënnerféierung herno soll ausgesinn? Wéi vill Meter kéint een an der Breet an Héicht hei fir de Stroosseverkéier gewannen?

2. Wéi laang kéinten esou Aarbechten daueren a wéini ass mam Start vun den Aarbechten ze rechnen?

3. Wäert de Projet vun der Eisebunnsënnerféierung onofhängeg vum Start vum Wunnprojet Ecosider realiséiert ginn?

4. Wéi laang wäert d'Zuchverbindung tëscht Péiteng, Rolleng, Rodange, Athus a Longwy duerch dës Aarbechte beanträchtegt ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député